

Mercedes-Benz Wallbox Home



Gebrauchsanweisung

Mercedes-Benz
The best or nothing.



Wichtig Adressen

Kontakt

Mercedes-Benz AG
Mercedesstraße 120
70372 Stuttgart, Däitschland

Fir technesch Froe riicht lech w.e.g. un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

Dës Anleitung däerf oni déi ausdrécklech, schrëftlech Autorisatioun weder als Ganzt nach deelweis reproduzéiert, an engem elektronesche Medium gespäichert oder an anerer Form elektronesch, elektresch, mechanesch, optesch, chemesch, duerch Fotokopie oder Audioopnam iwverdroe ginn.

Inhaltsverzeichnis

Wichtig Adressen	ii	Feuermeldung während dem Luetvirgang	8
Wichtig Informatiounen	1	Betriebsstéierungen a Léisungen	9
Hiwäiser zu dëser Anleitung	1	Ausserbetriebsetzen an nei Mise-en-service vum Produkt	9
Sécherheitshiwäiser an dëser Anleitung	1	Dacks gestallt Froen	10
Sécherheitshiwäiser um Apparat	1	Unhang	12
Allgemeng Sécherheitshiwäiser	2	Technesch Daten	12
Allgemeng Produkthiwäiser	2	Moosszeechnungen an Dimensiounen	13
Gebrauchshiwäiser	3	Normen & Richtlinnen	13
Aleedung	4	CE-Kennzeechnung a Konformitéitserklärung	14
Produktpresentatioun	4	Entretien	14
Auspaken a Liwwerëmfang	4	Botzen a fleegen	15
Identifikatioun vun der Produktvariant	5	Markenzeechen	15
Luetvirgang	6	Auteursrechter & Copyright	16
Luetvirgang mat der Mercedes-Benz Wallbox Home	6	Entsuergungshiwäiser	16
Feelerbehiewung	8		

Wichtig Informationen

Hiwäiser zu dëser Anleitung

Dës Anleitung dokumentéiert d'Schrëtt an d'Optiounen, déi fir d'Benotzung, d'Mise-en-service an d'Mise-hors-service vun der Mercedes-Benz Wallbox Home noutwenneg sinn. Fir eng méiglechst séier an iwwersiichtlech Orientéierung sinn an dëser Anleitung dofir bestëmmt Textpassagen speziell formatéiert.

Beschreibungen, déi verschidde gläichwärtig Optiounen oplëschten (wéi an dësem Fall), sinn duerch Opzielungszeche gekennzeichnet.

- Beschreibungen, déi d'Ausféiere vun enger Funktioun beschreiwen, ginn numeresch presentéiert an definéieren dohier d'Reiefolleg vun den einzelnen Aarbechtsschrëtt.

Liest dës Anleitung onbedéngt duerch, well se wichtig Informatiounen fir de Betrib vun der Wallbox mat Ärem Mercedes-Benz-Gefier enthält. Befollegt haaptsächlech all d'Hiwäiser fir de Betrib an d'Sécherheet, déi an dëser Anleitung ofgedréckt sinn.

Versuergt dës Anleitung fir Referenzzwecker op enger sécherer Plaz. Wann d'Wallbox vu méi Benotzer benotzt gëtt, muss den Inhalt vun dëser Anleitung a besonnesch d'Sécherheetshiwäiser op alle Fall un all Benotzer iwwermëttelt ginn bzw. fir dësen accessibel sinn.

All d'Moossen an dëser Anleitung sinn a Millimeter uginn. Falls noutwenneg ass bei verschiddene Biller och de jeeweilige Moosstaf uginn.

All technesch Angaben, Spezifikatiounen an Design-Charakteristike vum Produkt kënnen ouni prealabel Ukënnegung geännert ginn.

Sécherheetshiwäiser an dëser Anleitung

Déi folgendermoosse markéiert Warnhiwäiser a Virsichtsmoosnahmen aus dëser Anleitung mussen beuecht ginn. D'Symboler hu folgend Bedeitung:

GEFOR!

Mat dësem Symbol markéiert Abschnitter weisen op elektresch Spannungen hin, déi eng Gefor fir Leif a Liewen duerstellen: Eng Violatioun kann zu schwéiere Verletzungen an den Doud féieren. Aktiounen, déi mat dësem Symbol gekennzeichnet sinn, dierfen op kee Fall ausgefouert ginn.

OPGEPASST!

Mat dësem Symbol markéiert Abschnitter weisen op aner Geforen hin, déi zu Schied um Apparat selwer oder un aneren elektresche Verbraucher féieren kënnen. Aktiounen, déi mat dësem Symbol gekennzeichnet sinn, mussen mat besonneschem Soin ausgefouert ginn.

HIWÄIS!

Mat dësem Symbol markéiert Abschnitter weisen op aner wichtig Informatiounen a Particularitéiten hin, déi fir en zuverlässige Betrib noutwenneg sinn. Aktiounen, déi mat dësem Symbol gekennzeichnet sinn, sollen no Besoin ausgefouert ginn.

Sécherheetshiwäiser um Apparat

Um Gehais an un der banneschter Elektronikofdeckung vun der Wallbox sinn nach aner Sécherheits- a Betribshiwäiser. Dës Symboler hu folgend Bedeitung:

OPGEPASST!

Liest w.e.g. op alle Fall fir d'éischt d'Gebrauchsanweisung, déi bei der Mercedes-Benz Wallbox Home dobäi ass, besonnesch éier Dir d'Gehaisverkleedung vun Ärer Wallbox erofhuel.

OPGEPASST!

Nom Opmaache vum Gehais kënne bannen an der Wallbox an un de Baudeeler, déi Dir beréiere kënnt, geféierlech elektresch Spannunge sinn.

Allgemeng Sécherheetshiwäiser

Beuecht folgend Punkten:

- Liest dës Anleitung gutt duerch.
- Beuecht all d'Warnungen.
- Befollegt all d'Uweisungen.
- D'Wallbox muss vun engem qualifizéierten Elektriker installéiert an ënner Berücksichtigung vun de lokale Virschrëften a Bestëmmungen ugeschloss a fir de Betrib approvéiert ginn.
- No der Installatioun mussen op all de Säite Mindestofstänn vu 50 cm zu der Wallbox virgesi ginn.
- Huel op kee Fall déi bannescht Elektronikofdeckung hannert der Gehaisverkleedung vun der Mercedes-Benz Wallbox Home erof: Eng Botz oder en Entretien vun de Baudeeler, déi hannendru sinn, ass net noutweneg a kann op kee Fall vum Benotzer duerchgefouert ginn.
- D'Mercedes-Benz Wallbox däerf nëmme bei montéierter a verrigelter Gehaisverkleedung benotzt ginn: Gitt virum Luede sécher, dass d'Gehaisverkleedung richteg verrigelt ass.
- Benotzt ausschliisslech Accessoires, déi vu Mercedes-Benz fir den Apparat virgesi sinn an ugebuede ginn.
- Benotzt dës Wallbox net direkt niewent fléissendem oder Stralwaasser: D'Mercedes-Benz Wallbox Home muss allerdéngs am Aklang mat der jeeweileger Schutzart genuch géint Spréi- a Spréizwaasser geschützt ginn.
- D'Mercedes-Benz Wallbox Home däerf net an héichwaassergefährdet Beräicher benotzt ginn.
- D'Mercedes-Benz Wallbox Home däerf net an eng explosiounsgefährdet Ëmgéigend (EX-Beräich) benotzt ginn.
- D'Mercedes-Benz Wallbox Home däerf net mat Stickere bepecht oder mat anere Géigestänn oder Materialien ofgedeckt ginn, sou dass zu jidder Zäit eng genügend Loftzirkulatioun garantéiert ass.
- Et däerfe weder Flëssegkeeten nach Géigestänn oder Behälter, déi Flëssegkeeten enthalen, op d'Gehais ofgestallt ginn.
- De Betrib vun engem Funksender direkt niewent der Wallbox (< 20 cm) kann zu funktionell Stéierunge féieren a sollt dohier evitéiert ginn.
- Dësen Apparat ass net dofir geduecht, fir vu Persoune (Kanner abegraff) mat ageschränkte physeschen, sensoreschen oder geeschtege Fäegkeeten oder ouni Erfahrung an / oder ouni Fachwësse benotzt ze ginn, ausser se gi vun enger fir hir Sécherheet zoustänneg Persoun iwwerwaacht oder se hunn Uweisung kritt, wéi een den Apparat benotze soll.
- Kanner mussen iwwerwaacht ginn, dermat se net mam Apparat spillen.
- D'Mercedes-Benz Wallbox Home däerf an enger Héicht vu bis maximal 2.000 Meter NHN (ü. NN) installéiert a bedriwwe ginn.

Allgemeng Produkthiwäiser

Dës Mercedes-Benz Wallbox Home entsprécht dem aktuelle Stand vun der Technik an erfëllt all besteeënd sécherheetstechnesch Virschrëften, Richtlinnen an Normen. D'Sécherheetshiwäiser aus dëser Anleitung sinn dofir geduecht, e richtegen a séchere Betrib ze garantéieren. Eng Violatioun oder en Netbeuechte vun de Sécherheitsinformatiounen an Uweisungen an dëser Anleitung kënnen zu elektreschem Schlag, Brand an / oder schwéiere Verletzungen féieren. Stéierungen, déi d'Sécherheet

vu Persounen, vun ugeschlossenen elektrischen Verbraucher oder vum Apparat selber beanträchtigen, dürfen nimm von engem qualifizierten Elektriker behuelt ginn.

Am Fall vu Feelfunktiounen un der Wallbox riicht lech ëmmer fir d'Éischt un d'Entreprise, déi d'Installatioun duerchgefouert huet. Falls de Feeler weiderhin net behuelt ka ginn, riicht lech w.e.g. un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

Kontaktéiert op alle Fall de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz, wann:

- d'Gehais mechanesch beschiedegt gouf,
- d'Gehaisverkleedung erofgeholl gouf oder net méi ka montéiert bzw. verrigelt ginn,
- genuch Schutz géint Waasser an / oder Friemkierper offensichtlech net méi méiglech ass,
- de fest ugeschlossene Luetkabel funktionell oder siichtbar beschiedegt gouf,
- d'Wallbox net richteg funktionéiert oder anerwäerts beschiedegt gouf.

GEFOR!

Wann Dir e Schued um Gehais oder Luetkabel feststellt, musst Dir d'Wallbox direkt iwwer deen an der Hausinstallatioun virgeschaltete Leitungsschutzschalter an iwwer den integréierte Feelerstromschutzschalter ausser Betrib setzen: An dësem Fall däreft d'Wallbox net méi benotzt ginn! Riicht lech un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz!

Gebrauchshiwäiser

Befollegt folgend Uweisungen a Bezuch op de Gebrauch vun Ärer Wallbox:

- Dësen Apparat muss ëmmer mam Schutzleiter vun der Stromversuergung verbonne sinn. D'Schutzleiterverbindung gëtt vum Installateur hiergestallt a gepréift. No der Installatioun däreft nimm e qualifizierten Elektriker Ännerungen duerchféieren.
- D'Wallbox soll net a Beräicher benotzt ginn, an deenen heefeg Persounen laanscht lafen. Virun allem soll eng Installatioun an Duerchgäng a gekennzeechent Noutausgäng vermidde ginn.
- Wa grad net geluede gëtt, soll de Luetstecker ëmmer an de säitleche Luetsteckeropsaz fixéiert ginn, sou dass keng Gefor vu Fale besteet.
- De fest ugeschlossene Luetkabel vun der Wallbox däreft am Betrib net mat Kupplungen, Adapterkabelen oder anerwäerts verlängert ginn.
- Gitt sécher, dass d'Nennspannung an den Nennstrom vum Apparat de Virschréfte fir Äert lokaalt Stromnetz entsprechen an d'Nennleeschtung während dem Luetvirgang net iwwerschratt gëtt.
- Beuecht zu jidder Zäit déi lokal gëllend Sécherheetsvirschréfte fir d'Land, an deem Dir d'Wallbox benotzt.
- Fir d'Wallbox vollstänneg vum Stromnetz ze trennen, muss d'Zouleitung ëmmer iwwer de Leitungsschutzschalter, deen an der Hausinstallatioun virgeschalt ass, an den interne Feelerstromschutzschalter ënnerbrach ginn.
- Benotzt d'Wallbox ni an engem Beräich, wou net genuch Plaz ass. Et muss virun allem sécher gestallt ginn, dass d'Gefier an enger gëeegenter Entfernung par rapport zur Wallbox geparkt an onni Spannung op de Luetkabel ugeschloss gi kann.
- Am Beräich virun der Wallbox muss eng Parkplaz fir d'Gefier virgesi ginn. Den Ofstand tëschent dem Gefier an der Wallbox soll minimal 50 cm bis ongeféier 5 m sinn.
- Gitt sécher, dass d'Gehaisverkleedung vun der Wallbox am Betrib ëmmer zou a verrigelt ass. Versuergt de Verkleedungsschlüssel fir d'Entriigele vun der Verkleedung op enger Plaz, déi nimm fir autoriséiert Benotzer accessibel ass.
- Huelt op kee Fall déi bannescht Elektronikofdeckung, déi hannert der Gehaisverkleedung vun der Wallbox ass, erof.
- Maacht op kee Fall Ännerungen um Gehais oder un der interner Beschaltung vun der Wallbox: En Netanhale stellt e Sécherheitsrisiko duer a verstéisst grondleeënd géint d'Garantiebestëmmungen a kann d'Garantie direkt ophiewen.
- Den Apparat däreft nimm vu qualifiziertem Fachpersonal installéiert an desinstalléiert ginn: Um Apparat ginn et keng Deeler, déi en Entretien vum Benotzer verlaangen.

Aleedung

Villmools Merci, dass Dir lech fir dës Wallbox entscheet hutt, fir Äert Mercedes-Benz-Gefier ze lueden! Mat der Mercedes-Benz Wallbox Home hutt Dir lech fir eng innovativ an zukunftsfaeger Luetléisung entscheet.

D'Mercedes-Benz Wallbox Home verbënnt fortschrëttlechen an uspriedhenden Design mat intuitiver Funktionalitéit an ass fir den Asaz am privaten oder och halleffentleche Beräich konzipiéiert.

D'Mercedes-Benz Wallboxe gi ganz an Däitschland hiergestallt an erfëllen all europawäit gëlteg Virschrëften an Norme fir d'Luede vun Elektrogefierer no der Norm IEC 61851-1, Mode 3: Liest dozou och den Abschnitt iwwert d'„Normen & Richtlinien“ op Säit 13.

Produktpresentatioun

Är Mercedes-Benz Wallbox Home erméiglecht e séchert a bequeemt Luede vun Elektrogefierer am Aklang mat der Norm IEC 61851-1 Mode 3 a gouf fir méiglechst kuerz Luetzäite konzipiéiert.




Bei all eise Produkter leeë mir maximale Wäert op d'Sécherheet fir de Benotzer. Dofir bitt Är Wallbox en interne Feelerstromschutzschalter vum Typ A an eng integréiert DC-Feelerstroumerkennung, déi zesumme mat de Schutzariichtunge vun Ärer Hausinstallatioun an de Schutzariichtunge vun Ärem Auto fir en effikasse Schutz viru Kuerzschlëss, Stroumschléi an anere Risiken am Betrib suergt.

Am deeglechen Asaz ass d'Wallbox besonnesch einfach ze bedéngen: Op enger faarweger LED-Unzeig op der viischer Säit vun der Wallbox kann een déi aktuell Betribszoustänn jidderzäit ofliesen. Am Fall vun enger Feelfunktioon kënnt Dir d'Ursach iwwer e spezifesche Feelercode op der faarweger LED-Unzeig ofliesen, ouni d'Gehais vun der Wallbox opzemaachen. No der Mise-en-service duerch de Fachmann kann d'Mercedes-Benz Wallbox Home zu jidder Zäit geluede ginn, woubäi een de Luetvirgung eventuell iwwer den integréierte Schlësselschalter separat fräischalte muss.

Gemeinsam Charakteristik vun alle de Wallboxen ass dat kompakt Gehais, dat d'intern Elektronik effikass géint extern Ëmweltaflëss an onautorisiéierten Zougrëff schützt. Grondsätzlech mussen all d'Variante vun der Wallbox vun engem qualifizierten Elektriker installéiert an a Betrib geholl ginn. Bei Froen heizou riicht lech w.e.g. un Äre lokale Mercedes-Benz-Partner.

Auspaken a Liwwerëmfang

Är Mercedes-Benz Wallbox Home gëtt an engem extrem stabile Kartong mat verschiddenen Accessoirekomponenten ausgeliewert, déi fir de richtege Betrib noutwenneg sinn. Iwwerpréift also direkt nom Auspaken, ob déi folgend Komponenten am Liwwerëmfang enthalen sinn:

Komponent	Quantitéit	Beschreibung
 Wallbox	1	Luetstatioun, besteeënd aus Réckschuel mat integréierter Elektronik-Eenheet, bannescht Elektronikofdeckung a Gehaisverkleedung
 Kuerzanleitung	1	Kuerzanleitung mat de Sécherheetshiwäiser a gedréckter Form
 Montage-Set	1	Schrauwasaz fir de Montage un der Mauer, besteeënd aus 1 x 4 Spanplakkeschrauben an déi passend Dübelen, Schlëssel fir de Schlësselschalter (2 Stk.), Verkleedungsschlëssel fir d'Gehaisverkleedung zou ze spären (2 Stk.), Buerschabloun


Wann eng oder méi vun den uewe genannte Komponenten nom Auspake feelen, setzt lech w.e.g. direkt mat Ärem lokale Mercedes-Benz-Verkafspartner a Verbindung.

HIWÄIS!

De Kartong, an deem d'Mercedes-Benz Wallbox Home ausgeliewert gëtt, bitt ee fir den Transport an d'Lagerung optimale Schutz géint Awierkung vu baussen. Versuergt de Kartong wa méiglech a verpaakt d'Mercedes-Benz Wallbox Home do dran, wann Dir se wéinst enger Feelfunktioun o. ä. un den Hiersteller zeréckschécken oder anerwäerts transportéiere musst.

Identifikatioun vun der Produktvariant

D'Mercedes-Benz Wallbox ass a méi Varianten disponibel, déi mechesch an elektresch fir ënnerschiddlech Uwendungsprofiler optimiséiert sinn. Fir d'Identifikatioun befënnt sech op der ënneschter Säit vun der Wallbox eng Produktetikett mat der Mercedes-Benz-Referenz vun Ärer Wallbox-Variant. Garantéiert unhand vun der Etikett, dass den installéierte Modell an der virleiender Anleitung beschriwwen ass.



Fir d'Identifikatioun sinn haaptsächlech d'Modellsbezeechnung (A 000 906 XX XX) an d'Wärter fir den Netzuschloss (Spannung, Netzfrequenz, Stromstäerkt), déi do drënner ugi sinn, relevant.

An dëser Anleitung gi folgend Wallboxe beschriwwen:

Modell	Netzuschloss	Variant
A0009067408	230 / 400 V 50 Hz 1 oder 3 x 32 A	Fest verbonnene Luetkabel no IEC 62196-2 Typ 2, ca. 6 m; Luetleeschtung 22 kW
A0009067508	230 V 50 Hz 1 x 32 A	Fest verbonnene Luetkabel no IEC 62196-2 Typ 2, ca. 6 m; Luetleeschtung 7,2 kW

OPGEPASST!

Déi an dëser Anleitung genannten Informatiounen an technesch Spezifikatioune bezéien sech ausschliesslech op déi an dëser Anleitung genannte Varianten an d'äerfen net op aner Wallbox-Modeller iwwerdroe ginn: Dës Variante ginn normalerweis mat spezifischen Anleitungen geliwwert.

Luetvirgang

D'mechanisch an elektrotechnisch Installatioun vun de Variante vun der Mercedes-Benz Wallbox Home, déi an dëser Anleitung beschriwwen ass, muss grondsätzlech vun qualifiziertem Fachpersonal duerchgefouert ginn: Besonnesch d'Virbereedung vun der Hausinstallatioun an den elektreschen Uschloss un d'Hausinstallatioun muss vun engem qualifizierten Elektriker duerchgefouert an dann duerch d'Mise-en-service ofgeholl ginn. Wennt lech un eng Elektrofachentreprise oder un Äre lokale Mercedes-Benz-Partner, deen lech gär bei Froen zur Installatioun an zum Betrib vun Ärer Wallbox ënnerstëtzt.

D'Installatioun selwer ass an enger separater Installatiounsanleitung beschriwwen. Dës Anleitung enthält wichteg Informatiounen iwwert d'mechanisch an elektresch Installatioun an iwwert déi dorop folgend Mise-en-service a funktionell Iwwerprüfung vun der Wallbox. Sidd am Beschte bei der alleréischter Mise-en-service duerch en Elektriker dobäi, fir sécherzegen, dass Dir an Zukunft problemlos Luetvirgänger mat Ärer Mercedes-Benz Wallbox Home duerchféiere kënnt.

Den aktuelle Betriebszustand vun der Wallbox gëtt jeeeweils iwwer eng faarweg LED-Unzeig am ënneschte Beräich vun der Gehaisverkleedung ugewisen. Soulaang keng Feelfunktioun optrëtt, kann d'LED beim Lueden...



...permanent gréng oder giel liichten



...zyklesch gréng oder blo pulséieren



Weider Informatiounen iwwert d'Duerstellung vun de Betriebszustänn fannt Dir op den nächste Säiten. Informatiounen iwwert d'Duerstellung vu Fehlerzustänn fannt Dir am Kapitel „Fehlerbehebung“ op Sait 8.

Luetvirgang mat der Mercedes-Benz Wallbox Home

D'Wallbox ass fir e méiglechst séiert Opluede vun Ärem Mercedes-Benz-Gefier no IEC 61851-1 Mode 3 konzipéiert. Déi effektiv Luetdauer hänkt vum Gefier of, dat ze lueden ass, a vun deem sengem Luetzustand.

D'Mercedes-Benz Wallbox Home ass an zwou Variante mat fest verbonnenem Typ-2-Luetkabel, mä mat ënnerschiddlecher Luetleeschtung disponibel. Wann e grad net gebraucht gëtt, gëtt de Luetstecker an de Luetsteckeropsaz op der rietser Sait vun der Wallbox fixéiert an nëmme fir de Luetvirgang ewechgeholl.

OPGEPASST!

D'Mercedes-Benz Wallbox Home däerf nëmme bei verrigelter Gehaisverkleedung benotzt ginn: Gitt virum Luede sécher, dass d'Gehaisverkleedung montéiert a mat Hëllef vum matgeliiwvte Verkleedungsschlüssel richteg verrigelt ass.

Maacht Folgendes, fir Äert Mercedes-Benz-Gefier mat der Wallbox ze lueden:

1. Stellt Äert Gefier sou of, dass Dir d'Gefierssteckdous bequeem mam Luetstecker vum Luetkabel erreeche kënnt: De Luetkabel däerf net während dem Luetvirgang stramm gespaant oder gezu sinn!
2. Maacht d'Gefierssteckdous wéi an der Gefiersbetribsanleitung beschriwwen op.
3. Iwwerprüft d'LED-Unzeig vir op der Wallbox: Wann d'Wallbox betriebsbereit ass, pulséiert d'LED am ënneschte Beräich vun der Gehaisverkleedung blo. D'Gefier kann elo ugeschloss ginn.



4. Huelt de Luetstecker aus dem Luetsteckeropsaz eraus a stiecht e ganz an d'Gefierssteckdous: D'Verbindung mam Gefier gëtt iwverpréift an d'Wallbox waart op d'Autorisatioun vum Benotzer. An dësem Zoustand liicht d'LED giel.



5. Wann de Schlësselschalter op der rietser Säit vum Gehais an horizontaler Positioun ass, musst Dir en an eng vertikal Positioun dréien, fir de Luetvirgang z'autoriséieren. Soulaang de Schlësselschalter a vertikaler Positioun steet, kënnt Dir zu jidder Zäit weider Luetvirgäng ouni zousätzlech Autorisatioun duerchféieren.



Schlësselschalter an horizontaler Positioun:
Den nächste Luetvirgang ass gespaart.



Schlësselschalter a vertikaler Positioun:
De Luetvirgang ass autoriséiert.

i HIWÄIS!

D'Autorisatioun ass nëmmen noutweneg fir de Start vum Luetvirgang: De Schlësselschalter kann direkt duerno erëm an d'horizontal Positioun gedréit ginn, ouni dass de Luetvirgang ënnerbrach gëtt. Nom Trenne vun der Verbindung mam Gefier ass d'Wallbox da fir den nächste Luetvirgang gespaart.

6. No der Autorisatioun vum Luetvirgang iwver de Schlësselschalter waart d'Wallbox drop, dass d'Gefier de Luetvirgang start. An dësem Zoustand liicht d'LED gréng.



7. Wann d'Gefier de Start vum Luetvirgang ufreet an e vun der Wallbox gestart gouf, pulséiert d'LED während dem Luetvirgang gréng. Falls noutweneg kann de Luetvirgang manuell um Gefier ënnerbrach ginn (cf. Betriebsanleitung vum Gefier, dat ze lueden ass).



8. Wann de Luetvirgang gepaust gëtt oder ofgeschloss ass, liicht d'LED erëm konstant gréng.



9. Soubal de Luetvirgang ofgeschloss ass, zéit de Luetstecker aus der Gefierssteckdous eraus a setzt en zeréck an de Luetsteckeropsaz op der rietser Säit vun der Wallbox. D'LED pulséiert erëm blo a weist esou, dass d'Wallbox fir den nächste Luetvirgang prett ass.



i HIWÄIS!

De Luetvirgang gëtt, ausser bei Stéierungen, ëmmer nëmme vum Gefier oder vum Benotzer gestoppt. Wann d'LED gréng liicht, heescht dat op Basis vun der Kommunikatioun mam Gefier, dass de Luetvirgang gepaust gëtt oder ofgeschloss ass: Den Ënnerscheet tëschent dësen zwee Zoustänn ass nëmmen unhand vun den Unzeigen am Gefier méiglech. Falls d'Gefier souguer no engem laang genuche Luetvirgang net ganz gelueden ass, kontaktéiert w.e.g. de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

iwwer den Leitungsschutzschalter, deen an der Hausinstallatioun virgeschalt ass, manuell nei ze starten, well net all d'Feeler iwwer den automateschen Neistart vun der Wallbox behuwe gi kënnen.

⚠ OPGEPASST!

Wann d'Wallbox am Luetbetrib mam Gefier weiderhin Feelermeldungen ausgëtt, riicht lech op alle Fall un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz. Eventuell muss eng Reparatur vum Gefier duerchgefouert bzw. d'Wallbox ersat ginn, éier d'Gefier erëm iwwer d'Wallbox geluede gi kann.

Betriebsstéierungen a Léisungen

Derma se sécher funktionéiert, muss d'Mercedes-Benz Wallbox Home am Betrib duerch en an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter an den interne Feelerstromschutzschalter ofgesécher sinn. Fir am Stéierungsfall gëeegent Moosnamen z'ergräifen an de Betrib erëm hierzustellen, musst Dir fir d'éischt onbedéngt feststellen, wéi eng Aart vu Stéierung virläit. Folgend Stéierunge kënnen optrieden:

Stéierung	Méiglech Ursach	Léisungsvorschlag
D'LED funktionéiert net.	D'Wallbox gëtt net mat Spannung versuergt.	D'Stroumversuergung ass ënnerbrach: Iwwerpréift de an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter an den interne Feelerstromschutzschalter (cf. Abschnitt „Entretien“ op Säit 14) a schalt dës falls néideg erëm an. Wann de Feeler widderhuelt oder dauerhaft optrëtt, kontaktéiert de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.
	Et ass en interne Feeler an der Wallbox.	D'Wallbox muss ersat ginn. Riicht lech an dësem Fall un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.
D'Elektrogefier gëtt net erkannt.	De Luetstecker ass net richtig am Gefier agestach.	Huelt de Luetstecker um Gefier ewech a stiech en erëm dran: Wann de Feeler weiderhin optrëtt, kontaktéiert de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.
D'LED weist eng Feelermeldung un.	D'Mercedes-Benz Wallbox Home erkennt e Feeler.	Start d'Wallbox duerch Aus- an erëm Aschalte vun der Stroumversuergung iwwer den an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter nei: Wann de Feeler widderhuelt oder dauerhaft optrëtt, setzt d'Wallbox ausser Betrib (cf. ënnen) a kontaktéiert de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

ⓘ HIWÄIS!

Wann en Defekt an der elektrescher Alimentatioun vun der Wallbox virläit, wennt lech un den Elektriker, deen d'Installatioun duerchgefouert huet.

Ausserbetribsetzen an nei Mise-en-service vum Produkt


Bei Bedarf kënn Dir d'Mercedes-Benz Wallbox Home ausser Betrib setzen. Maacht Folgendes:

- Schalt den an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter aus (Verbindung mam Stroumnetz gëtt ënnerbrach).
- Entrigelt d'Gehaisverkleedung vun der Wallbox ① mam Verkleedungsschlüssel an huelt se erof.
- Maacht d'Klapp vun der Elektronikofdeckung ② op a setzt de Kipphiewel vum Feelerstromschutzschalter ③ an d'Positioun 0.
- Maacht d'Klapp vun der Elektronikofdeckung ② zou a montéiert a verrigelt d'Gehaisverkleedung vun der Wallbox ①.

Elo ka kee Luetvirgang mat der Mercedes-Benz Wallbox Home duerchgefouert ginn.

Fir d'Wallbox zu engem spéideren Zäitpunkt erëm a Betrib ze setzen, maacht Folgendes:

- Huelt d'Gehaisverkleedung vun der Wallbox ① erof.
- Maacht d'Klapp vun der Elektronikofdeckung ② op a setzt de Kipphiewel vum Feelerstromschutzschalter ③ an d'Positioun I (Verbindung vun der Wallbox mam Stroumnetz gëtt hiergestallt).





3. Maacht d’Klapp vun der Elektronikofdeckung ② zou a montéiert a verrigelt d’Gehaisverkleedung vun der Wallbox ①.

4. Schalt den an der Hausverdeelung virgeschalte Leitungsschutzschalter an.

Wann d’Wallbox erëm mam Stroumnetz verbonden ass, fänkt se mam Initialiséierungsvorgang un: Heibäi gëtt eng Iwwerprüfung vun der interner Elektronik duerchgefouert, fir d’richteg Funktionalitéit sécherzestellen.

Dëse Vorgang gëtt iwwer d’LED-Unzeig op der viischer Säit vun der Mercedes-Benz Wallbox Home folgendermoossen dokumentéiert.

LED-Duerstellung	Beschreibung
	D’LED blénkt eemol wäiss...
	...a pulséiert da blo.

D’Gefier kann elo fir de Luetvorgang ugeschloss ginn.

Dacks gestallt Froen

Hei sinn e puer dacks gestallt Froen iwwer d’Installatioun an de Betrib vun Ärer Mercedes-Benz Wallbox Home opgeféiert. Liest dësen Abschnitt w.e.g. fir d’éischt, éier Dir lech un de lokalen technesche Service wendt: Eventuell gëtt Är Fro jo schonn hei beäntwert.

Däerf ech d’Mercedes-Benz Wallbox Home selwer montéieren?

- Neen, d’elektresch Installatioun vun der Mercedes-Benz Wallbox Home muss ëmmer vun engem qualifizierten Elektriker duerchgefouert ginn. Nëmme dann ass en elektresch séchere Betrib garantéiert.
- E Selbstmontage vun der Mercedes-Benz Wallbox Home kann dozou féieren, dass d’Garantiebestëmmunge verletzt ginn an de Garantieschutz fir de Betrib vun der Wallbox net méi gëllt.

Wéi muss d’Mercedes-Benz Wallbox Home elektresch ofgeséichert ginn?

- D’Mercedes-Benz Wallbox Home muss an der Hausinstallatioun allpoleg ofgeséichert sinn. Respektéiert zu jidder Zäit all lokal Virschräfte fir de Betrib vun elektreschen Apparater.

Kann d’Mercedes-Benz Wallbox Home A0009067408 och eephaseg bedriwwe ginn?

- Jo, grondsätzlech kann all Modell vun der Mercedes-Benz Wallbox Home eephaseg bedriwwe ginn.

D’Mercedes-Benz Wallbox Home funktionéiert net (keng LED-Unzeig). Wéi fannen ech de Feeler eraus?

- Wa kee Gefier un der Wallbox ugeschloss ass, muss déi faarweg LED vun der Wallbox blo pulséieren. Wann dat net de Fall ass, iwwerprüft:
 1. den an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter
 2. den interne FeelerstromschutzschalterWann dës Schutzrichtungen keng offensichtlech Stéierung opweisen, riicht lech un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

D’Luetleeschtung vun der Mercedes-Benz Wallbox Home ass méi niddereg wéi erwartet. Wouru kann dat leien?

- Iwwerprüft w.e.g. fir d’éischt, ob eng Begrenzung vun der Luetleeschtung um Gefier agestellt gouf (cf. Betriebsanleitung vum Gefier, dat ze lueden ass).
- Bei verschidde Stéierunge suergen d’intern Schutzschaltungen vun der Mercedes-Benz Wallbox Home dofir, dass d’Stromstäerkt begrenzt gëtt: An dësem Fall pulséiert d’faarweg LED gréng a blénkt eemol rout, mä et kann nach ëmmer geluede ginn. Wann déi intern Schutzmoosname widderhuel oder dauerhaft aktivéiert ginn, setzt d’Wallbox ausser Betrib (cf. Säit 9) a kontaktéiert de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.
- Loosst d’Astellung vum maximale Luetstrom an der Wallbox vun engem qualifizierten Elektriker iwwerpräiwen an eventuell upassen (cf. Abschnitt „Setup- an Test-Modus“ an der ausféierlecher Installatiounsanleitung vun der Mercedes-Benz Wallbox Home).

Wou kann ech Ersatzdeeler fir d'Wallbox bestellen?


- Falls Dir Ersatzdeeler fir d'Wallbox braucht, riicht lech w.e.g. un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz.

De Verkleedungsschlüssel fir d'Opmaache vun der Gehaisverkleedung oder de Schlëssel fir d'Luetfräigab ass verluer gaangen. Kann ech d'Schlësselen nobestellen?

- Am Liwwerëmfang vun der Mercedes-Benz Wallbox Home befanne sech zwee Schlëssele fir d'Entrigelung vun der Gehaisverkleedung. Zousätzlech ginn nach zwee Schlëssele fir de säitleche Schlësselschalter ausgeliiwert, mat deem de Luetvirgang autoriséiert gëtt: Wa béid Schlëssele fir de Schlësselschalter verluer gaange sinn an de Schlësselschalter op der rietser Säit vum Gehais an horizontaler Positioun steet, ass d'Wallbox fir d'Luede gespaart an et kann net méi geluede ginn. Bei Verloscht vum Verkleedungsschlüssel fir d'Gehaisverkleedung (Bestellnummer: E290400) oder vun de Schlëssele fir de Schlësselschalter (Bestellnummer: E390401) kënnt Dir dës ënner folgendem Kontakt nobestellen:

› eMobility Support

- › Telefon +49 (0)9123/188-600
- › E-Mail emobility.support@abl.de
- Fir d'Nobestellung vun de Schlëssele fir de Schlësselschalter braucht Dir d'Seriennummer vun Ärer Wallbox. Dir fannt d'Seriennummer um Typschëld op der ënneschter Säit vum Gehais.



Seriennummer vun der Wallbox

Unhang

Technesch Daten


Variant	A0009067408	A0009067508
Virschreften	laut IEC 61851-1 / 61439-7	
Netzuschloss	fir d'Alimentatioun bis max. 5 x 16 mm ²	fir d'Alimentatioun bis max. 3 x 16 mm ²
Nennspannung	230 / 400 V	230 V
Nennstrom	32 A, 1- oder 3-phaseg	32 A, 1-phaseg
Nennfrequenz	50 Hz	
Luetleschtung max.	22 kW	7,2 kW
Luetuschloss	Fest verbonnene Luetkabel mat Luetstecker no IEC 62196-2 Typ 2, ca. 6 m	
Schutzschaltapparat	RCCB, Typ A, 30 mA an elektronesch DC-Feelerstromerkennung DC-RCM, $I_{\text{dn d.c.}} \geq 6 \text{ mA}$	
Steuerung / Parametriséierung	internen RS485-Interface (Interface fir d'extern Luetsteuerung, keen Zougrëff duerch de Benotzer / Installateur)	
Virsécherung	MCB, C-Charakteristik, Nennstrom jee no Alimentatioun an Astellung vun der Wallbox, maximal allerdéngs 32 A	
Wierksastellung fir maximale Luetstrom	16 A	32 A
Äerdungssystem	TN-S	
Raumtemperatur am Betrib	-30 bis 50°C	
Lagertemperatur	-30 bis 85°C	
Lofffichegkeet, relativ	5 bis 95% (net kondenséierend)	
Schutzklass	I	
Iwwerspannungskategorie	III	
Verschmutzungsgrad	3	
Bemiessungsisolatiounsspannung (U_i)	4 kV	
Bemiessungsstoussspannung (U_{mp})	4 kV	
Bemiessungsstoussstromfestegkeet (I_{pk})	6 kA	
Bemiessungskuerzzeitstromfestegkeet (I_{cw})	5 kA	
Bedéngte Bemiessungskuerzschlossstrom (I_{cc})	6/10 kA (Ausléis-Charakteristik C)	
Bemiessungsbelaaschtungsfaktor (RDF)	1.0	
Schutzart Gehais	IP 55	
Stoussfestegkeet	IK08	
Ofmiessungen (Gehais)	438 x 328 x 170 mm (H x L x P)	
Maximal Opbauhéicht	≤ 2.000 m NHN (i. NN)	
Gewiicht pro Eenheet (netto)	ca. 8,5 kg	
Gewiicht pro Eenheet (brutto)	ca. 10 kg	

Moosszechnungen an Dimensiounen

D'Mercedes-Benz Wallbox Home gëtt vollständeg montéiert an iwwerpréift ausgeliewert. All d'Gehaisdimensioune sinn an de folgende Moosszechnungen opgeféiert.

Wallbox mat integréiertem Luetkabel (Bild: A0009067408 an A0009067508)

lewescht a Säitenusicht (all Angaben a mm)



Normen & Richtlinnen

D'Mercedes-Benz Wallbox Home erfëllt folgend Normen a Schutzklassen:


Allgemeng Richtlinnen a Gesetzer

Richtlinn	Erklärung
2014/35/EU	Nidderspannungsrichtlinn
2014/30/EU	EMV-Richtlinn
2011/65/EU	RoHS 2 Richtlinn
2012/19/EU	WEEE-Richtlinn
ElektroG	Gesetz fir Elektro- an Elektronikapparater

Normen iwwert d'Apparatsécherheet

Norm	Erklärung
IEC 61851-1: 2017 Ed. 3.0	Konduktiv Luetsystemer fir Elektrogefierer – Deel 1: Allgemeng Ufuerderungen
IEC / TS 61439-7:2014	Deel 7: Schaltapparatkombinatiounen fir bestëmmt Uwendungen wéi Fräizäithafen, Campingsplazen, Maartplazen, Luetstatiounen fir Elektrogefierer
IEC 61000-6-2:2016	Elektromagnéitesch Verträglechkeet (EMV) – Deel 6-2: Fachgrondnormen – Stéierfestegkeet fir Industrieberäicher
IEC 61000-6-3:2006+AMD1:2010	Elektromagnéitesch Verträglechkeet (EMV) – Deel 6-3: Fachgrondnormen – Stéieraussendung fir Wunnberäich, Geschäfts- an Industrieberäicher a Klengbetriber
IEC 61000-6-7:2014	Elektromagnéitesch Verträglechkeet (EMV) – Deel 6-7: Fachgrondnormen – Stéierfestegkeetsufuerderungen un Apparater an Aarrichtungen, déi fir d'Duerchféierung vu Funktiounen a sécherheetsbezunne Systemer (funktionell Sécherheet) op industrielle Sitte virgesi sinn
IEC 61851-21-2: 2018 Ed. 1.0	Konduktiv Luetsystemer fir Elektrogefierer – Deel 21-2: EMV-Ufuerderungen un extern Luetsystemer fir Elektrogefierer

Schutzklassen & Schutzarten

Schutzklass / Schutzart	Erklärung
	Den Apparat entsprécht der Schutzklass 1.
IP 55	Schutzart vum Apparat: vollstännege Schutz géint Beréierung, Schutz géint Stëbs a schiedleche Mengen a géint liicht Stralwaasser aus all Wénkel (DIN EN 60529: 2014-09)

CE-Kennzeechnung a Konformitéitserklärung



D'Mercedes-Benz Wallbox Home huet d'CE-Zeechen. Déi entspréchend Konformitéitserklärung ass an elektronischer Form ënner

www.yourwallbox.de/downloads/documents/Declaration_of_Conformity_Home_Advanced.pdf als Download disponibel.

Entretien

Är Mercedes-Benz Wallbox Home ass no der Installatioun wäitgoend wartungsfräi. Well d'Wallbox allerdéngs intern héich elektresch Spannungen veraarbecht, gëtt empfuehlen, an engem bestëmmt Turnus (z. B. hallefjärelech) eng visuell Prëfung vum Gehais an eng Kontroll vun den extern zougängleche Bau- oder Accessoiresdeeler duerchzuführen.

GEFOR!

Huet op kee Fall déi bannescht Elektronikofdeckung vun der Mercedes-Benz Wallbox Home erof: Eng Botz oder en Entretien vun de Baudeeler, déi hannendru sinn, ass net noutwenneg a kann op kee Fall vum Benotzer duerchgefouert ginn.


- Maacht eng visuell Kontroll vun de Gehaisuewerflächen a vum Luetkabelopsaz op Mängel.
- Maacht eng visuell Kontroll vum Luetkabel a stellt sécher, dass de Kabel an de Luetstecker keng siichtbar Schied oder Verformungen opweisen.

Wann Dir bei den uewe genannte Prëfung offensichtlech Mängel erkennt, riicht lech w.e.g. un de lokalen technesche Service vu Mercedes-Benz. Loosst all d'Mängel behiwen, éier Dir d'Wallbox weider benotzt. Setzt d'Wallbox bis dohin wéi am Abschnitt „Ausserbetribsetzen an nei Mise-en-service vum Produkt“ op Säit 9 beschriwwen ausser Betrib.

- D'Mercedes-Benz Wallbox Home huet keen dezidierten Un- / Ausschalter: Wann Dir d'Wallbox ausser Betrieb huele wëllt, musst Dir dofir ëmmer den an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter an den interne Feelerstromschutzschalter an d'Positioun **0** (Off / Aus) setzen.

Den interne Feelerstromschutzschalter muss all hallef Joer op seng Funktioun gepréift ginn, fir e richtegt Fonctionnement am Betrieb sécherzestellen. Maacht Folgendes, fir de Feelerstromschutzschalter z'iwwerpréiwen:

1. Huelt d'Gehaisverkleedung vun der Wallbox **①** mam matgeliiwvte Verkleedungsschlüssel erof.
2. Maacht d'Ofdeckklapp **②** op.
3. Lokaliséiert d'Tast mat der Gravéierung **T** bzw. der Beschréiftung **Test** um interne Feelerstromschutzschalter **③**.
4. Betätégt d'Tast: De Feelerstromschutzschalter muss elo ausléisen an de Kipphiewel an eng Mëttelstellung f bréngen (den Uschloss un d'Stroumnetz ass ënnerbrach).
5. Setzt de Kipphiewel vum Feelerstromschutzschalter **③** elo an d'Positioun **0** an duerno erëm an d'Positioun **I**.
6. Maacht d'Klapp **②** zou, setzt d'Gehaisverkleedung **①** erëm op a verrigelt se mam Verkleedungsschlüssel.



GEFOR!

Wann de Feelerstromschutzschalter am Test net ausléist (Kipphiewel op Mëttelstellung), däärf Dir d'Wallbox op kee Fall weider bedriewen! Setzt d'Wallbox w.e.g. ausser Betrieb, andeems Dir den an der Hausinstallatioun virgeschalte Leitungsschutzschalter an den interne Feelerstromschutzschalter ausschalt (jeeweils Positioun **0**), a riicht lech un den technesche Service vu Mercedes-Benz.

Botzen a fleegen

- D'Uewerfläch vun der Mercedes-Benz Wallbox Home ka mat engem dréchnen Duch gebotzt ginn.
- Fir méi staark Verschmutzung benotzt en Duch, dat mat mëllem Seefewaasser ugefiicht a gutt essoréiert ass.
- Benotzt keng aggressiv, chemesch Botzmëttel, Glasreiniger, Wuess oder Léisungsmëttel (wéi Bensin oder Faarfverdënner), well d'Uewerflächen an d'Unzeigen um Apparat dréif maache kënnen.
- Benotzt keng abrasiv Botzmëttel oder Schwämm, well dës d'Gehaisverkleedung zerkraxe kënnen.

GEFOR!

D'Mercedes-Benz Wallbox Home däärf op kee Fall mat engem Hochdruckreiniger oder engem ähnlechen Apparat gebotzt ginn, bei deem Flëssegkeeten oder Damp wéinst héijem Drock an d'Gehaisëffnungen andrénge kënnen.

Markenzeichen

All déi an der Anleitung genannten an eventuell duerch Drëtte geschützte Marken- a Wuerenzeichen ënnerleien onbeschränkt de Bestëmmunge vum jeeweils gëltege Kennzeecherecht an de Propriétéitsrechter vun de jeeweilegen ageschriwwene Proprietären.

All déi hei bezeechent Wuerenzeichen, Handelsnimm oder Firmennimm sinn oder kënnen Markenzeichen oder ageschriwwe Markenzeiche vun hire jeeweilege Proprietäre sinn. All Rechter, déi net ausdrécklech hei garantéiert ginn, si virbehalen.

Wann eng explizit Kennzeechnung vun de Markenzeichen, déi an dëser Anleitung benotzt ginn, felt, kann net geschloss ginn, dass en Numm vun de Rechter vun Drëtte fräi ass.

Auteursrechter & Copyright

Copyright © 2019

Versioun 1.2, MB-UM_Home-2019-12-15

All Rechter virbehalen.

All Angaben an dëser Anleitung kënnen ouni viregt Ukënnegung geännert ginn a stelle keng Verflchtung säitens dem Hiersteller duer.

All d'Billen an dëser Anleitung kënnen vum ausgeliwwerte Produkt ofwächen a stelle keng Verflchtung säitens dem Hiersteller duer.

Den Hiersteller iwwerhëlt keng Verantwortung fir Verloschter an / oder Schied, déi opgrond vun Angaben oder eventuelle Feelinformatiounen an dëser Anleitung oprieden.

Dës Anleitung dierf ouni déi ausdrécklech, schrëftlech Autorisatioun vum Hiersteller weder als Ganz nach deelweis reproduzéiert, an engem elektronesche Medium gespäichert oder an anerer Form elektronesch, elektresch, mechanesch, optesch, chemesch, duerch Fotokopie oder Audioopnam iwwerdroe ginn.

Entsuerungshiwäiser



Fir d'Erhaltung an de Schutz vun der Ëmwelt, d'Vermeidung vun Ëmweltverschmutzung, a fir d'Verwärtung vu Rohstoffen (Recycling) ze verbessern, gouf vun der europäescher Kommissioun eng Richtlinn (WEEE-Richtlinn 2012/19/EU an EAG-VO) erstallt, laut där elektresch an elektronesch Apparater vum Hiersteller zeréckgeholl ginn, fir se uerdnungsgeméiss z'entsuergen oder ze verwäerten.

D'Apparater, déi mat dësem Symbol gekennzeechent sinn, dierfen dofir net innerhalb vun der Europäescher Unioun iwwer den onzortéierten Hausoffall entsuert ginn: Informéiert Iech w.e.g. bei de lokalen Autoritéiten iwwer déi richteg Entsuerung.

D'Wierkstoffe sinn hirer Kennzeechnung no erëm verwäertbar. Mat der Verschaffung, der stofflecher Verwärtung oder anere Forme vu Verwärtung vun alen Apparater, maacht Dir e wichtege Bäitrag fir de Schutz vun eiser Ëmwelt.

No der Veröffentlechung vun dëser Gebrauchsanweisung kënne kleng technesch Verännerungen duerch den Hiersteller um Produkt gemaach gi sinn. Dat kann eventuell och zu enger klenger Ofwäichung um bausseschten Erscheinungsbild féieren. Eventuell besteeënd Faarfënnerscheeder entstinn duerch den Dréckprozess.



Mercedes-Benz

Mercedes-Benz AG, Mercedesstr. 120, 70372 Stuttgart, Däitschland